PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Interieur weiderzeleeden.

Verschidde Gemengen hei am Land verschécken un d'Awunner vun hire Gemenge Communiquéen a Form vun Zäitschréften oder Flyere fir hir Awunner iwwert d'Aktualitéit vun hirer Gemeng um Stand ze halen. Dës – mat Steiergelder bezuelte – Publikatioune ginn a verschiddene Gemenge gären als politesch Bühn genotzt fir esou déi politesch Responsabel an ee bessert Liicht ze stellen. An de Publikatiounen tauchen ëmmer nees déi selwecht Gesiichter op de Fotoe op, d'Berichterstattung weist tendenziéis d'Meenunge vun de Majoritéiten an net all Aspekter vu politeschen Dossiere ginn onofhängeg an onparteilech duergestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Erkennt d'Regierung d'Gefor, dass d'Publikatioune vun de Gemengen fir politesch Meenungsmaach vu verschiddene politesche Verantwortleche mëssbraucht kéinte ginn? Ass d'Regierung aktuell zefridde mat der Situatioun oder gesäit si ee Besoin zum Handelen an dësem Thema?

2. Existéiert fir Publikatiounen een Deontologieskodex, un deen sech d'Gemengen hale mussen? Falls nee, gedenkt d'Regierung esou ee Kodex opzestellen? Falls, nee, firwat net?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass kloer Reegelen, wéi zum Beispill d'Imposéiere vu Formater a Richtlinnen, een Abus vun ëffentlech bezuelte Publikatioune kënne virbeugen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange